Depot: Fernand Kartheiser

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 4. Juli 2023

## RESOLUTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt:

- ëmmer méi heefeg Lobbyen, Organisatiounen oder Mouvementer un d'Chamber eruntrieden a verlaangen, datt si sech ëffentlech zu enger bestëmmter Cause bekennt oder déi op d'mannst ënnerstëtzt;
- d'Chamber deem ëmmer méi heefeg nokënnt, z.B. duerch d'Beliichte vun hirer Fassad oder dem Pavoisement vun engem theemespezifesche Fändel an en theemespezifescht Upasse vun hirem offizielle Logo;

ass sech bewosst, datt:

- si eng wichteg Institutioun vum Staat ass;
- staatlech Institutiounen an hire Gebailechkeeten, Optrëtter a Logoe bei esou Fuerderungen Neutralitéit behale mussen;
- esou Aktiounen dozou féieren, datt eng Selektioun gemaach gëtt, wat vun offizieller Säit ënnerstëtzt gëtt, a wat net;
- esou eng Selektioun politesch problematesch ass an och behënnerlech fir d'Aarbecht an der Chamber ass;
- der Chamber hir Neutralitéit net a Fro gestallt ginn däerf an hir eigentlech Funktioun an Aufgaben net däerfen duerch eng eventuell Parteilechkeet ënnergruewe ginn;

decidéiert, datt:

- d'Chamber als Institutioun an Zukunft op esou Aktioune verzicht, fir déi néideg neutral Haltung ze behalen.

Fernand Kartheiser

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame • L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742